LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 08 AVR. 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

*REÇU*
*Par Christine Wirtgen , 07:56, 09/04/2020*

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1949 du 28 février 2020 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant le site de la SNCA dans le Nord du pays, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**~~Ministre de la Mobilité~~**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°1949 vum 28. Februar 2020 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen iwwert " Site de la SNCA dans le Nord du pays "**

Zenter dem 6 Januar sinn d'Servicer vun der Société Nationale de Circulation Automobile (SNCA) am Norden vu Wëlwerwolz op Maarnech transferéiert ginn. De neie Site vu Maarnech huet am Géigesaz zu dem ale Site vu Wëlwerwolz eng besser Ubannung un den ëffentlechen Transport, huet eng méi héij Kapazitéit, mat elo sechs Guicheten, wat och dobäi ee positiven Impakt op d'Waardezäiten huet.

Déi Servicer déi laut der Fro vum honorabelen Deputéierten net méi méiglech wieren, ginn et nach ëmmer zu Maarnech, just neierdéngs an enger optimiséierter Prozedur. D'Androe vu Felgen a Pneuen op der "groer Kaart" zum Beispill gëtt och zu Maarnech gemaach, an dat genau esou wei op den anere Site vun der SNCA. D'Gefier brauch net méi presentéieren ze ginn, d'Virleeë vun den techneschen Dokumenter geet zënter ee puer Méint duer. Fir op Beispill vum honorabelen Deputéierten anzegoen, wat d'Ophuele vum Gewiicht vu Remorque ubelaangt, ass ze soen, dass dëst och schonn zu Wëlwerwolz technesch net méiglech war.

Zu Maarnech kann een och schwéier Gefierer, wei Sattelschlepper, Trakteren oder Busen umellen, wa se eng europäesch Homologatioun hunn. Fir d' Identifikatioune vu Gefierer, a deene Fäll wou et néideg ass, ass och eng speziell Stellplaz vun der SNCA, um Site vu Maarnech gelount ginn, déi direkt bei der Sortie de Service ass, an et dem Techniker vun der SNCA erméiglecht dës Identifikatioun um Gefier ze maachen.

Deemno ass zu Maarnech ee vollwäertege moderne Service fir de Norden organiséiert ginn, dee géigeniwwer vun deem vu Wëlwerwolz eng däitlech Verbesserung duerstellt.